RTL Box-Office

# 158.000 Leit hu Capitani op RTL gekuckt, 90.4% wëllen eng Fortsetzung

**D'Krimiserie « Capitani », déi vu Samsa produzéiert gouf, huet definitiv all Rekorder fir eng Fiktioun op RTL gebrach. Der TNS Ilres[1] no, hunn 147.500 Spectateuren, wat 29% vun de Residente vu 16 Joer a méi sinn, eng Rei bis all d'Episode vu « Capitani » live um Dënschden Owend op RTL Télé Lëtzebuerg gekuckt.**

Zousätzlech zum Direkt op der Télé, waren d'Episoden am Catch-up TV och e grousse Succès : 137.500 Leit hunn op mannst een Episod um Internet gekuckt. Am Ganze goufe 518.000 Videoen am Replay op RTL.lu, RTL5minutes.lu an RTLToday.lu gekuckt.

**Am Ganzen, Live a Replay zesummegezielt, gouf d'Serie « Capitani » zu Lëtzebuerg vun 158.000 Leit vu 16 Joer a méi gekuckt.**

Wann een d'Profiller vun de Spectateure méi am Detail kuckt, stellt ee fest dass d'Populatioun ganz homogen ass. « Capitani » huet souwuel déi jonk wéi déi manner jonk ugeschwat, 52% vun de Spectateuren hu manner wéi 45 Joer. Och wann d'Serie prioritär eng Lëtzebuerger Zilgrupp sollt uschwätzen, si 50.000 Spectateuren auslännesche Residenten, wat 22% vun der auslännescher Populatioun ausmécht. Eng Erklärung fir dee Prozentsaz ass, dass d'Serie och mat franséischen an engleschen Ënnertitel disponibel war.

Am Januar gouf iwwert de Site InternetPanel.lu[3] eng qualitativ Etüd gemaach, déi e puer Explikatiounen zum Succès vu « Capitani » liwwert. Fir 89,5% vun de Leit, déi « Capitani » gekuckt hunn, wor et « e moderne Programm deen den aktuellen Tendenzen entsprécht ».
« De Fait, dass d'Serie zu Lëtzebuerg spillt », also dee lokale Faktor huet 95,5 % vun de Leit iwwerzeegt « Capitani » ze kucken. Schlussendlech war et och de grousse Hype dee « Capitani » zu Lëtzebuerg ausgeléist huet : 75,5% soten dass si « reegelméisseg iwwer Capitani geschwaat hunn nodeems si een Episod gekuckt haten ».

Am Dezember 2019 huet d'Serie mat engem relativ offene Schluss opgehalen, wouranner de Public e kloren Indice fir eng méiglech Fortsetzung gesäit: 90,4 % vun de Spectateure wéilte gären dass « RTL Télé Lëtzebuerg eng nei Saison vu Capitani diffuséiert ».

[1]TNS Ilres, 778 Interviewen 16+, Februar 2020
[2]VODEdge, September 2019 - Januar 2020
[3]InternetPanel.lu, 1730 befrote Persounen, Januar 2020